# COURAGÉIERT.
# RESPONSABEL.
# FIR LËTZEBUERG.



FRAKTIOUN CSV

Version française
English version

## D'CSV AN DER CHAMBER PRÄSENTÉIERT SECH

01781_CSV_Brochure_Bilan_24p_v5.indd 1 13/03/2026 17:49

# *Léif alleguer,*

et ass mir eng Freed an Éier, eis engagéiert Equipe vun 21 Deputéierten dierfen ze leeden. Dem Marc Spautz, dee bis Enn 2025 Fraktiounspresident war, soen ech am Numm vun den CSV-Deputéierten e ganz grousse Merci. Mir wënschen him eng glécklech Hand als Aarbechtsminister.

2023 ass d'CSV-DP Koalitioun ugetrueden, fir d'Land ze moderniséieren a besser fir d'Zukunft opzestellen. Mir setzen dëse Programm an der Chamber duerch eis legislativ Aarbecht ëm. Mir begleeden d'Regierung konstruktiv a kritesch am Alldag. Hei fannt Dir eise Bilan vun de leschte Méint.

Mir invitéieren Iech, eis op de Krautmaart besichen ze kommen a mat eis iwwert d'Aktualitéit an der Chamber ze diskutéieren.

Laurent Zeimet
*Fraktiounspresident*



MÄERZ 2023 – FEBRUAR 2026

## D'PARLAMENTARESCH AARBECHT A CHIFFREN

D'Chamber koum
**164**
Mol beieneen

Et goufen
**336**
Gesetzer gestëmmt

D'Deputéiert waren an
**1.852**
Kommissiounsreuniounen aktiv

D'CSV-Deputéiert hu
**619**
schrëftlech parlamentaresch Froe gestallt

D'Fraktioun ass
**113**
Mol zesumme komm

**170**
Entrevuë goufen organiséiert mat Acteuren aus der Wirtschaft, der Zivilgesellschaft, mat Associatiounen, Institutiounen, Vertrieder vun de Beruffschamberen an aneren Intressevertriedungen

# LAURENT ZEIMET

**51, BEETEBUERG,**
**AFFEKOT,**

**BEZIERK SÜDEN**



## CHAMBERAARBECHT:

- De Fraktiounspresident positionéiert d'CSV bei den Debatten zum Staatsbudget:
  - Fir 2026 huet de Laurent ervirgehuewen, dass de Budget déi Schwächst an eiser Gesellschaft duerch cibléiert a méi effikass sozial Moossnamen ënnerstëtzt. Donieft gëtt awer och d'Zukunftsfäegkeet vum Land duerch héich Investitiounen an Infrastrukturen, an Educatioun, Ëmwelt, Digitaliséierung an Innovatioun, gestäerkt. Hie verbënnt also déi sozial, wirtschaftlech an ekologesch Verantwortung vum Staat. D'Staatsschold bleift derbäi stabel zur Wirtschaftskraaft - de Budget ass deemno nohalteg a wierkt och fir déi kommend Generatiounen
- De Laurent ass als President vun der Institutiounekommissioun mat juristesch-konstitutionelle Froe befaasst:
  - Hien ass Member vum Aarbechtsgrupp zum Statut vum Deputéierten
  - Hie moderéiert d'Diskussiounen iwwer d'Reform vum Walgesetz
  - Fir d'CSV ass d'Chamber den éischte Biergerrot vum Land an d'CSV setzt éischter op een oppenen Dialog mat de Bierger, wéi weider Institutiounen ze schafen. Gäre géing hien d'Méiglechkeet vum elektronesche Vott aféieren
- Als Spriecher fir Aussepolitik huet de Laurent d'CSV-Positioun zum Ukrain-Krich an zu de Konflikter am Noen Osten an Zäite vum „Trumpismus" vertrueden. D'CSV steet zum Existenzrecht vun Israel a fir en demokratescht a fräit Palästina. D'CSV steet op der Säit vun der demokratescher Beweegung am Iran an huet sech fir d'Astufung vun de „Revolutiounsgarden" als terroristesch Organisatioun agesat

Justiz an Institutioune wäerten d'Schwéierpunkte vu senger Chamberaarbecht sinn.

## KOMMISSIOUNEN:

President vun der Institutiounekommissioun

Vize-President vun der Kommissioun fir Aussen- an Europapolitik, Kooperatioun, Aussenhandel a Groussregioun

Member Finanzkommissioun

Member Justizkommissioun

> *"Mir kënnen d'Welt net eleng änneren, mee mir mussen eng Stëmm bleiwen, déi fir Fridden a Fräiheet steet."*



**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM LAURENT ZEIMET**



# DIANE ADEHM

**55, HESPER, EKONOMISTIN, BUERGERMEESCHTESCH,**

**BEZIERK ZENTRUM**

## KOMMISSIOUNEN:

Presidentin vun der Finanzkommissioun

Member Kommissioun fir Wirtschaft, PME , Energie, Weltraum an Tourismus

Member Kommissioun fir Santé a Sozialversécherung

Member Defensekommissioun

Member Kommissioun fir d'Fonction publique

Member Kommissioun fir d'Exekutioun vum Budget



*„Mir mussen alles dru setzen, dass d'Lëtzebuerger Finanzplaz digital, innovativ an nohalteg bleift."*

## CHAMBERAARBECHT:

- D'Diane war 2023 Budgetrapportrice. Als Presidentin vun der Finanzkommissioun schwätzt si all Joers zum Budget, Volet Wirtschaft an ass prioritär Spriecherin fir d'Gesetzesprojeten am Finanzberäich an a Steierfroen:
  - Mam Entlaaschtungspak gouf d'Steiertabell ugepasst a verschidde Steierklasse weider entlaascht
  - An der Fintech goufen d'Krypto-Aktiva gereegelt
  - De sougenannte bëllegen Akt bleift definitiv bei 40.000 Euro
  - Mam Supercomputer fir kënschtlech Intelligenz, MeluXina-AI an der AI-Factory goufe weider wichteg Bausteng fir d'Entwécklung vun der KI geluecht
- Aner wichteg Gesetzer, déi d'Diane rapportéiert huet:
  - De Logementspak fir d'Relance vum Wunnengsmaart
  - Den neien digitale Rekrutementssystem am ëffentlechen Déngscht
  - Virginitéitszertifikater an -examen sinn an Zukunft strofbar, de Reflexiouns-Delai vun 3 Deeg bei enger Ofdreiwung gëtt ofgeschaaft
  - Männer a Frae mussen zu op mannst 33 Prozent op den decisive Posten an de Lëtzebuerger Firmen, déi op der Bourse kotéiert sinn, vertruede sinn
- Si huet och d'CSV-Positioune vertrueden an den Debatten
  - zur finanzieller Bildung, zu Online-Fraudë bei de Banken oder zur Zukunft vun der Finanzplaz

D'Diane wäert 2027 Spriecherin vum Gesetz zur eenheetlecher Steierklass mat Entlaaschtunge fir all Famill ginn.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM DIANE ADEHM**

# NANCY ARENDT

**56, MONNERECH,**
**CHARGÉE DE COURS,**

**BEZIERK SÜDEN**



## CHAMBERAARBECHT:

- Als Presidentin vun der Lëtzebuerger Delegatioun bei der parlamentarescher Versammlung vun der NATO ass d'Nancy Spriecherin fir all Debatt iwwer dëst Bündnis. Zur Ausriichtung an Erhéijung vun de finanziellen NATO-Ziler seet si, dass kee Loscht op méi héich Militärausgaben hätt, mä Fridden a Sécherheet géif et net fir näischt ginn. D'Investitiounen an Zukunftstechnologië wéi Dronen a Cyber-Sécherheet, an och d'Finanzplaz kéinten eng wichteg Roll spillen. D'Zil wier net eng Remilitariséierung, mee d'Fräiheet a Sécherheet vun de Bierger an Europa z'erhalen
- D'Nancy ass houfreg, dass d'Petitiounen ënnert hirer Presidentschaft (bis 2023) staarken Opdriff a Beléiftheet kritt hunn. Et ass hir immens wichteg, dass d'Politik op d'Bierger lauschtert a si matgestalte léisst. Grad esou houfreg ass si, dass déi onofhängeg Ulafstell fir Kanner an Affer vu sexuellem Mëssbrauch, déi si an enger Motioun gefuerdert hat, Realitéit gouf an dass d'Gesetz zum sexuelle Mëssbrauch entspriechend verschäerft ginn ass. Dëse Sujet ass elo keen Tabu méi, betount si
- Sujete vum Nancy hire sëlleche parlamentaresche Froe si virun allem Gläichstellung, Sport a Beweegung an all Alter, awer och Fraegesondheet

D'Nancy wäert sech nieft de Sujete Gesondheet a Sport, mat Chancegläichheet a Sécherheet befaassen.



## KOMMISSIOUNEN:

Presidentin vun der Lëtzebuerger Delegatioun bei der parlamentarescher Versammlung vun der NATO

Vize-Presidentin vun der Defensekommissioun

Vize-Presidentin vun der Petitiounskommissioun

Member Kommissioun fir Aussen- an Europapolitik, Kooperation, Aussenhandel a Groussregioun

Member Interieurskommissioun (Volet Police)

Member Kommissioun fir Héichschoul, Fuerschung an Digitaliséierung

*„Lëtzebuerg huet sech laang op seng Partner, virun allem d'USA, verlooss. Elo ass et Zäit, Verantwortung ze iwwerhuelen."*

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM NANCY ARENDT**

01781_CSV_Brochure_Bilan_24p_v5.indd 5 13/03/2026 17:49



# MAURICE BAUER

## 54, STAD LËTZEBUERG, JURIST, 1. SCHÄFFEN,

## BEZIERK ZENTRUM

### KOMMISSIOUNEN:

President vun der Kommissioun fir den ëffentlechen Déngscht

Member Aarbechtskommissioun

Member Petitiounskommissioun

Member Kommissioun fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit

Member Finanzkommissioun

Member Kulturkommissioun



*„Ouni Wirtschaftswuesstem gëtt et kee staarke Sozialstaat, keng ekologesch Transitioun a keng sozial Kohäsioun."*

### CHAMBERAARBECHT:

- Als Rapporter fir de Budget 2026 huet de Maurice de Schwéierpunkt op d'Aarmutsbekämpfung duerch eng cibléiert Sozialpolitik gesat, virun allem de Kampf géint Kanneraarmut. Well: Eng Politik géint d'Kanneraarmut ass keng Almosepolitik - si ass eng Investitioun an d'Zukunft. D'Zil ass eng geziilt Aarmutsbekämpfung iwwer all Ministèren ewech. An deem Sënn gouf sech mat iwwer 60 Interessevertrieder getraff, de Budget analyséiert an et goufen dann och 16 Recommandatioune formuléiert. 15 Milliarden Euro, dat si ronn 46 Prozent vun den Ausgabe vum Staat, fléissen dëst Joer a sozial Transferten
- De Maurice war Spriecher fir d'CSV bei der Ëmsetzung vum Gehälteraccord am ëffentlechen Déngscht:
  - Eng Erhéijung vum Punktwäert vun 2 Prozent fir 2025 an en hallwe Prozent fir 2026
  - Eng Harmoniséierung vun den ënneschte Karriären
  - D'Zënssubventioune bei Immobiliekreditter, déi erop gesat goufen
- A Chamberdebatten zum Sujet Digitaliséierung huet de Maurice betount, dass d'Digitaliséierung a kënschtlech Intelligenz Prioritéite musse si fir e moderne Staat. Et misst een all Bierger op dëse Wee mathuelen

De Maurice freet sech op d'Ëmsetzung vum Aarmutsplang mat all senge Projeten.

LINK OP DE CHAMBER SITE VUM MAURICE BAUER

01781_CSV_Brochure_Bilan_24p_v5.indd 6 13/03/2026 17:49

# JEFF BOONEN

**40, BIEKERECH, BAUER/AGRARINGENIEUR,**

**BEZIERK NORDEN**



## CHAMBERAARBECHT:

- Als Spriecher fir Landwirtschaft a Liewensmëttelsécherheet huet de Jeff d'Wuert ergraff an Debatten, wéi déi iwwer gesond Iessen oder Obesitéit. Hie war Rapporter vu verschidde Gesetzer:
  - D'Reform vum Gesetz iwwer Déierekrankheeten hëlleft virzebeugen, fréi ze erkennen a séier ze reagéieren
  - D'ASTA kritt een neit Gebai an een neie Labo nieft der Akerbauschoul
  - Mat 20 Milliounen Euro ginn Investitioune vu landwirtschaftleche Betriber a gréisser Zäre subventionéiert
  - D'Drénkwaasserversuergung gouf iwwert dat neit SEBES-Gesetz verbessert
- Och am Beräich Energie an Energiesécherheet war hie Spriecher vu wichtege Gesetzer:
  - Bei de Subside fir Photovoltaik-Anlage muss een näischt méi virfinanzéieren a bezilt just nach säin Deel vum Invest
  - D'Regierung investéiert dëst Joer 150 Milliounen Euro an d'Netzkäschten, fir Stéit, Betriber an d'Industrie ginn esou d'Stroumpräisser erof
  - D'Energieprimm gouf fir Leit mat niddregem Akommes verdräifacht
- De Jeff huet och fir d'CSV zu anere Gesetzer geschwat:
  - D'Zentral fir d'Akeef an d'Logistik am Gesondheetsberäich (CNAL) bedeit méi Effizienz, manner Käschten an e bessere Stock vu kriteschem Material
  - D'Reform vun der Meeschterausbildung am Handwierk mécht nei Perspektiven op fir Jonker a fir Leit, déi sech eréischt méi spéit fir d'Handwierk decidéieren

Säin Accent wäert um Ausbau vun den erneierbaren Énergien an Energieinfrastrukture leien.

## KOMMISSIOUNEN:

President vun der Kommissioun fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

Member Kommissioun fir Wirtschaft, PME , Energie, Weltraum an Tourismus

Member Kommissioun fir Santé a Sozialversécherung

Member Kommissioun fir Educatioun, Kandheet a Jugend

Member Kommissioun fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit

Member Kommissioun fir d'Exekutioun vum Budget

***"D'Produktioun vu gesonde, bezuelbare Liewensmëttel an d'Diversitéit vun der Landwirtschaft musse weider geférdert ginn."***



**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM JEFF BOONEN**



# ALEX DONNERSBACH

**34, WALFER, AFFEKOT, SCHÄFFEN,**

**BEZIERK ZENTRUM**

## KOMMISSIOUNEN:

Vize-President vun der Kommissioun fir Wunnengsbau a Landesplanung

Member Defensekommissioun

Member Kommissioun fir Educatioun, Kandheet a Jugend

Member Kommissioun fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit

Member Justizkommissioun



> *„E klengt Land muss militäresch do hëllefen an investéieren, wou ee Mehrwäert a Kompetenze bestinn – wéi mir an der Kommunikatioun."*

## CHAMBERAARBECHT:

- Den Alex war als Spriecher an der Verdeedegungspolitik fir verschidde Gesetzer zoustänneg:
  - 816 Milliounen Euro ginn an den zweete Kommunikatiounssatellit GovSat-2 investéiert
  - D'Aarbechtskonditiounen, de Recrutement, d'Remuneratioun vun de fräiwëllegen Zaldoten an awer och d'Indemniséierung fir Auslandsmissioune goufe verbessert
  - Hien huet sech fir eng staark Industriestrategie an der Verdeedegung ausgeschwat
- Als Spriecher am Logement huet hien zu verschiddene wichtegen Dossiere Stellung geholl:
  - Fir Éischtkeefer gouf de Bëllegen Akt vun 30.000 op 40.000 Euro erhéicht an d'Ofsetzbarkeet vun de Scholdzënsen ugepasst
  - Fir Locatairë gouf eng Wunnengsprimm fir jonk Beruffsufänger agefouert. D'Krittäre fir un eng ëffentlech finanzéiert Wunneng ze kommen, goufen iwwerschafft a Bailleur a Locataire deelen sech elo d'Frais d'agence
  - Et gouf e VEFA-Programm vu 480 Milliounen Euro bis 2027 lancéiert mam Zil, ronn 800 Wunnengen opzekafen
- Aner wichteg Projeten an der Chamber waren a sinn:
  - D'Reform vum Accès an d'Magistratur, fir méi Riichtere kënnen ze rekrutéieren
  - Am Ëmweltberäich ass hie Rapporteur fir d'Upassung vum Naturschutzgesetz, fir méi a méi séier an urbane Gebidder Wunnengen an Infrastrukturen kënnen ze bauen

Den Alex wäert och Spriecher fir d'Reform vum Jugendstrofrecht ginn.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM ALEX DONNERSBACH**

# EMILE EICHER

**70, CLIERF, EKONOMIST,
1. SCHÄFFEN,**

**BEZIERK NORDEN**



## CHAMBERAARBECHT:

- Den Emile ass laangjärege President vum Gemengesyndikat Syvicol. Hie vertrëtt do d'Interessien net nëmme vun de Gemengen a Stied, mee virun allem vun de Bierger. D'Vereinfache vun de Prozeduren op all Niveaue vum Liewe muss onbedéngt virugedriwwe ginn, fuerdert hien. En excellente Service um Bierger kéint nëmme geleescht ginn, wann och déi kommunal Servicer nei definéiert a professionaliséiert ginn. Do dru géing geschafft ginn. Dat geplangten nationaalt Bautereglement an d'Grondsteierreform si wichteg, fir am Logement virun ze kommen
- Als Spriecher fir de Beräich Mobilitéit begréisst hien, dass 1 Milliard Euro an d'Moderniséierung an den Ausbau vum Findel investéiert ginn. Aarbechte sinn ënnert anerem um Tower, dem Terminal a bei de Parkings-Méiglechkeete virgesinn. Fir d'Passagéier bedeit dat méi Confort a méi Sécherheet. Dernieft kréien och d'Awunner Hëllefe, wann si hir Haiser géint de Kaméidi isoléiere wëllen
  - D'Gesetz fir déi zousätzlech Pëtrolslager ass gestëmmt
- Am Beräich vun den ëffentleche Bauten huet hien zum Gesetzprojet geschwat, mat deem de Klierfer Lycée vergréissert gëtt:
  - Ronn 109 Milliounen Euro ginn hei investéiert. D'Schülerpopulatioun soll vun 800 Schüler op bis zu 1.580 uwuessen

Den Emile freet sech, weider Gesetzer am Beräich vum Transport an der Stroosseninfrastruktur, virun allem am Norden traitéieren ze kënnen.

**LINK OP DE CHAMBER SITE
VUM EMILE EICHER**

## KOMMISSIOUNEN:

Vize-President vun der Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten

Member Kommissioun fir Aussen- an Europapolitik, Kooperatioun, Aussenhandel a Groussregioun

Member Interieurskommissioun

Member Kommissioun fir Wunnengsbau a Landesplanung

Member Defensekommissioun

Member Kommissioun fir d'Fonction publique

> ***„Mir musse méi séier virukommen – d'Beschleunegung vun de Prozeduren ass essenziell."***





# FÉLIX EISCHEN

**60, KIELEN, FRÄIBERUFFLER, BUERGERMEESCHTER,**

**BEZIERK SÜDEN**

## KOMMISSIOUNEN:

Member Kommissioun fir Wirtschaft, PME an Energie

Member Kommissioun fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

Member Sportskommissioun

Member Kommissioun fir Wunnengsbau a Landesplanung

Member Defensekommissioun

Member Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten

Member Kommissioun fir d'Exekutioun vum Budget




*„Mir brauchen een ëffentlechen Transport vun héijer Qualitéit a mat manner Schuedstoffer fir d'Ëmwelt."*

## CHAMBERAARBECHT:

- De Félix war bis viru kuerzem President vun der Kommissioun fir Medien a Kommunikatioun
  - Do hunn d'Aarbechten ugefaangen zur Reform vum Pressegesetz. Haaptpunkte sinn hei d'Aféierung vum speziellen Informatiounszougang fir Journalisten, d'Upassung vun der Pressehëllef an eng aktualiséiert Definitioun vum Beruffsjournalist
  - Och dat neit Mediegesetz gouf virgestallt mat virop der Reform vun der Medienopsiicht
- De Félix Eischen war den CSV-Spriecher zu der Finanzéierung vum Busreseau vun den CFL. Bis 2035 ginn hei 692 Milliounen Euro investéiert. De Süd-Deputéierten huet sech och agesat, dass de Busreseau TICE nei opgestallt a seng Finanzéierung ofgeséchert gëtt. Hie war Co-Auteur vun enger Motioun, déi d'Regierung dozou opgefuedert huet, d'Zukunft vum TICE ze assuréieren. Dës Motioun gouf vu sämtleche Parteien an der Chamber gedroen
- An enger fräier Tribün huet de Félix och Positioun bezunn zum Handelsaccord Mercosur tëscht der EU a verschiddene südamerikanesche Staaten. Mat méi Handelsaccorde gëtt eis Liwwerketten och méi diversifizéiert, huet hie betount. Mir sinn also manner ofhängeg vu China an den USA a stäerken domadder d'Resilienz vun der EU. Besser Handel mat Accord wéi ouni, well doduerch déi héich Standarde vun der EU garantéiert ginn

De Félix wäert sech virun allem ëm d'Froe vun der Mobilitéit an der Färderung vun de Kleng- a Mëttelbetriber këmmeren.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM FÉLIX EISCHEN**

# PAUL GALLES

**52, STAD LËTZEBUERG,
CHARGÉ DE PROJETS, SCHÄFFEN,**

**BEZIERK ZENTRUM**



## CHAMBERAARBECHT:

- De Paul ass President vun der Ëmweltkommissioun a Spriecher fir alles, wat och d'Klimapolitik an den Naturschutz ubelangt
  - Hie war Rapporter zur Verlängerung vum Gesetz iwwer d'Klimabonushëllefe fir Photovoltaik a Wärmepompelen a fir eng sozial gerecht Upassung vum Klimabonus Mobilitéit
  - Den neien Tramsschapp op der Cloche d'Or, wou och de séieren Tram soll ugebonne ginn ass ee visionäre Projet fir d'Zukunft, och wat Nohaltegkeet ugeet, huet hien an der Chamber betount
  - D'Weltklimakonferenz ass fir hien e wichtege Rendez-vous. Dass déi héich Erwaardungen un d'COP30 enttäuscht goufen, gesäit hie kritesch. Déi aner Sujeten Natur, Biodiversitéit an Desertifikatioun géife méi Opmierksamkeet verdéngen
  - Och an der Kooperatiouns- an Entwécklungspolitik kënne wichteg Akzenter gesat ginn an der Bildung, am Demokratieopbau an am Klimawandel, sou säi Credo
- Als CSV-Spriecher fir déi Äermst an der Gesellschaft huet hien den nationalen Aarmutsplang guttgeheescht
- De Schoulschäffen an der Stad Lëtzebuerg schwätzt och dacks zu schouleschen Aktivitéite: Fräi, frou a staark Kanner missten och däerfe Kanner sinn – Fräizäitaktivitéiten ausserhalb vun der Grondschoul si wichteg. Suerge bereeden him d'Gewalt an der Schoul, wou hien eng Chamber-Debatt lancéiert huet

Den Accent wäert de Paul op den Nationale Klimaplang an déi sozial Kompensatioune vun der $CO_2$-Steier leeën.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM PAUL GALLES**

## KOMMISSIOUNEN:

President vun der Kommissioun fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit

Member Kommissioun fir Aussen- an Europapolitik, Kooperatioun, Aussenhandel a Groussregioun

Member Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten

Member Kommissioun fir Educatioun, Kandheet a Jugend

Member Kommissioun fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen, Gläichstellung an Diversitéit

Member Petitiounskommissioun

> ***"De Grand-Duché ass e gutt Virbild an der Klimapolitik a muss dofir och ambitiéis bleiwen."***





# FRANÇOISE KEMP

**34, DIDDELENG, DOCTEUR EN BIOLOGIE AN DATENANALYSTIN, GEMENGECONSEILLÈRE,**

**BEZIERK SÜDEN**

## KOMMISSIOUNEN:

Presidentin vun der Kommissioun fir Santé a Sozialversécherung

Presidentin vun der Kommissioun fir Medien a Kommunikatioun

Vize-Presidentin vun der Kommissioun fir Héichschoul, Fuerschung an Digitaliséierung

Member vun der Aarbechtskommissioun

Member Kommissioun fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit

Member Kommissioun fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen, Gläichstellung an Diversitéit

Member Kommissioun fir d'Exekutioun vum Budget



*„D'CSV steet fir staark, performant an nohalteg opgestallte Spideeler."*

## CHAMBERAARBECHT:

- D'Pensiounsreform gouf iwwer 18 Méint mat enger breeder Consultatioun virbereet. Zil war, ee gemeinsame Sockel ze entwéckelen, deen en Equiliber tëscht der Ofsécherung, Viabilitéit vum System, an dem Erhale vu senge soziale Fundamenter, erméiglecht. D'Françoise war Rapportrice vun dëse Mesuren:
  - Déi néideg Dauer vu Versécherungsperiode gëtt a verschidde Fäll liicht a graduell erhéicht
  - D'Studiejore gi méi flexibel ugerechent
  - Am Privatsecteur gëtt d'Méiglechkeet fir eng progressiv Pensioun agefouert
  - D'Cotisatioune ginn ëm een hallwe Prozentpunkt souwuel fir d'Salariéeën, wéi och fir de Staat an de Patron an d'Luucht
- Och am Gesondheetsberäich ginn et Reformen, fir déi d'Françoise Spriecherin war:
  - Déi sougenannt Nikotinsäckelcher ginn net verbueden, mee reglementéiert. Den Nikotingehalt gëtt limitéiert, de Verkaf u Mannerjäreger verbueden, an de Marché gëtt kontrolléiert
  - D'Gesetz zur Spidolsplanifikatioun gesäit 200 zousätzlech Better vir
  - D'Spideeler kënnen op hiren zousätzleche Sitte fir ambulant Soinen elo och kleng Agrëff an der Dermatologie an der Ophtalmologie maachen
- Si huet awer och oft d'Wuert ergraff an der Chamber:
  - Zu den Auswierkunge vum Klimawandel op d'Aarbechtswelt
  - Zum Nationale Gesondheetsplang
  - Zur Santé publique

D'Françoise wäert sech besonnesch fir den Erhalt vum solidaresche Gesondheetssystem asetzen.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM FRANÇOISE KEMP**

01781_CSV_Brochure_Bilan_24p_v5.indd 12 13/03/2026 17:49

# MARC LIES

**57, HESPER, SPUERKEESSBEAMTEN,**

**BEZIERK ZENTRUM**



## CHAMBERAARBECHT:

- De Marc huet sech wärend ville Joren fir de Reaménagement vun der ZAC Houwald agesat
  - Hie war Spriecher, wéi elo zousätzlech 32,5 Milliounen Euro fir den Amenagement vum Pôle d’échange an der Gare périphérique Houwald, dem Ausbau vum Tramsreseau, gestëmmt goufen. Et ass domat e Meilesteen am Beräich vum ëffentlechen Transport gesat ginn, erkläert hien
  - Een Dauerbrenner fir den Engagement vum fréiere Buergermeeschter vun der Gemeng Hesper bleift de Contournement Hesper
- An der Chamber huet hien zu verschidden Investitiounen an d’Schinnennetz geschwat:
  - Dës Regierung investéiert vill Suen an d’Zukunft vum Land, betount hien. 5,2 Milliarden Euro fléissen an eng gutt an attraktiv Mobilitéit: 4,77 Milliarden Euro wärten tëscht 2026 an 2040 an d’Schinneninfrastruktur, awer och an d’Sécherheet vun de Garen, mat zousätzlechem Personal, fir d’Sécherheet vun de Passagéier investéiert ginn
  - Zousätzlech gëtt och d’Gare zu Beetebuerg komplett renovéiert an déi nei Zuchstreck op Beetebuerg soll am Laf vum Joer 2027 a Betrib goen
- Och am Beräich vun der Sécherheet am Fluchtrafic huet de Marc d’CSV-Positioun vertrueden:
  - Eng EU-Direktive gouf ëmgesat, fir Funk- an Hannergrondgespréicher am Tower vum Findel ze späicheren

De Marc wäert sech zousätzlech ëm d’Sujete vun der kommunaler an urbaner Entwécklung këmmeren.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM MARC LIES**

## KOMMISSIOUNEN:

Member Sportskommissioun

Member Interieurskommissioun

Member Kommissioun fir Wunnengsbau a Landesplanung

Member Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten

Member Kommissioun fir d’Fonction publique

*„Politik mécht ee mat Häerz a mat Verstand am Interessi vun eis all.“*





# RICARDO MARQUES

**32, IECHTERNACH, PSYCHOLOG, GEMENGECONSEILLER,**

**BEZIERK OSTEN**

## KOMMISSIOUNEN:

Vize-President vun der Kommissioun fir Educatioun, Kandheet a Jugend

Member Kommissioun fir Wirtschaft, PME, Energie, Weltraum an Tourismus

Member Kommissioun fir Santé a Sozialversécherung

Member Kommissioun fir Wunnengsbau a Landesplanung

Member Kommissioun fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen, Gläichstellung an Diversitéit

Member Kommissioun fir Héichschoul, Fuerschung an Digitaliséierung

Member Sportskommissioun

Member Kulturkommissioun

> ***„Zur Präventioun vum Suizid ass et wichteg, eng Persoun an Nout ze erkennen, an ze wësse, wéi ee soll reagéieren."***



## CHAMBERAARBECHT:

- Dem Ricardo säi grousse Sujet ass den Educatiounssystem:
  - Déi ëffentlech Europaschoule bidde verschidde Kanner Flexibilitéit, si kënnen a sollen awer den traditionelle System net ersetzen
  - Hien huet zum Projet ALPHA geschwat, e Gesetz, mat deem d'Alphabetiséierung op Franséisch agefouert gouf. Dës Reform géing fir méi Chancegläichheet suergen. Lëtzebuergesch kritt esouguer méi eng wichteg Plaz, wëll d'Niewefächer op Lëtzebuergesch sinn. Suerge bereeden déi néideg zousätzlech Klassesäll an den Iwwergang an de Lycée. Ganz wichteg wier en Ëmsetzungsplang an eng reegelméisseg Evaluatioun mat Rapporten
- Als Psycholog ass déi psychesch Gesondheet e wichtege Sujet fir hien:
  - Dem Ricardo seng Propos, mam 119 eng national Telefonsnummer anzeféieren, hannert där eng multidisziplinär Ekipp steet, déi séier reagéiert, wann eng Persoun a mentaler Nout urifft, gouf unanime an der Chamber ugeholl
- D'Santé mentale vun de Kanner läit him besonnesch um Häerz
  - Si ass eng Prioritéit a brauch Präventioun, Fréierkennung an en einfachen Zougang zu Hëllefen
  - Beim Social-Media-Accès fir Jonker, verlaangt hien, de Kanner bis 16 Joer ee séchere Kader ze bidden an si aus dëser Influenz erauszehuelen. D'Technologie misst dem Mënsch déngen, an net ëmgedréint

De Ricardo wäert den Dossier vum Jugendschutzgesetz betreien.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM RICARDO MARQUES**

01781_CSV_Brochure_Bilan_24p_v5.indd 14 13/03/2026 17:49

# GEORGES MISCHO

**51, ESCH/UELZECHT,**
**SPORTPROFESSER,**

**BEZIERK SÜDEN**



## CHAMBERAARBECHT:

- De Georges gouf eréischt den 20. Januar 2026 am Parlament vereedegt. Zanterhier huet hie verschidde parlamentaresch Froe gestallt, wéi zur Zukunft vun der Gebléishal zu Esch-Belval oder der Sécherheet vun de Passagéier am ëffentlechen Transport
- A senger Zäit als Minister fir Aarbecht a fir Sport huet hie verschidde Projeten op den Instanzewee geschéckt, déi deels och scho gestëmmt sinn. Wéi d'Sonndesaarbecht, déi op bis zu 8 Stonnen eropgeet, d'Upassung vun de Beschäftegungsmesurë fir Jonker oder d'Méiglechkeet, de Chômage och online kënnen unzefroen. Als Sportminister huet de Georges de Budget méi wéi verduebelt. Vun 41 Mio ënnert sengem Virgänger op 87 Mio Euro fir 2026
- De Georges ass Rapporter gi vun engem Gesetzesprojet zur Ëmsetzung vum Gehälteraccord am ëffentlechen Déngscht. Et geet drëms, dass och d'Employéë vum Staat ënnert den disziplinaresche Regime vun der Fonction publique falen.  Hie wäert och Rapporter gi vum neie Pressegesetz

Dem Georges säi Schwéierpunkt wäert op der sozialer Sécherheet leien.

## KOMMISSIOUNEN:

Member Kommissioun fir Santé a Sozialversécherung

Member Kommissioun fir Medien a Kommunikatioun

Member Kommissioun fir d'Fonction publique

Member Kulturkommissioun

> ***"Mir hunn e staarke Sozialsystem. Mir mussen elo alles dru setzen, fir deen net nëmmen ze erhalen mee och laangfristeg ofzesécheren."***



**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM GEORGES MISCHO**



# OCTAVIE MODERT

**59, GREIWELDENG,**
**JURISTIN,**

**BEZIERK OSTEN**

## KOMMISSIOUNEN:

Vize-Presidentin vun der Kommissioun fir Wirtschaft, PME , Energie, Weltraum an Tourismus

Vize-Presidentin vun der Kulturkommissioun

Member Kommissioun fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

Member Kommissioun fir Héichschoul, Fuerschung an Digitaliséierung

Member Institutiounekommissioun

Member Kommission fir Medien a Kommunikatioun



*„Déi Kleng- a Mëttelbetriber sinn d'Réckgrat vun eiser Wirtschaft a vum Aarbechtsmaart."*

## CHAMBERAARBECHT:

- D'Octavie ass zoustänneg fir Dossieren, déi de Mëttelstand betreffen:
    - Et goufe Bäihëllefe fir Kleng- a Mëttelbetriber gestëmmt, fir datt och si an d'Fuerschung kënnen investéieren
    - D'Agrargesetz gouf beim Statut vum aktive Bauer a Wënzer ugepasst
    - Den Zougang fir Baueren a Wënzer zu gewësse Bäihëllefe gouf verbessert
- Am Beräich vun der Kultur huet si den Accord fir verschidde Gesetzer ginn:
    - Praktesch a pragmatesch Ännerungen um Denkmalschutz-Gesetz, wou de Staat elo d'Käschte vu präventiven Ausgruewungen iwwerhëlt an et administrativ Vereinfachunge ginn
    - Bis 2030 steet dem Filmfong eng finanziell Enveloppe vun 180 Milliounen Euro zou. Et geet hei ëm Kultur an Ënnerhalung, awer och ëm d'Bild vum Land an d'wirtschaftlech Diversifizéierung
    - De Kultursecteur entwéckelt sech séier, an et ass wichteg, fir exakt Daten ze hunn. Dofir gouf elo een „Observatoire de la Culture" an d'Liewe geruff. Domat kënne Bedürfnisser, Baustellen a Stäerkte méi kloer identifizéiert ginn
- Och an der Digitaliséierung gouf et gesetzlech Verbesserungen:
    - De Staat kann elo geziilt Hëllefen un Netzbedreiwer ginn, fir d'Kommunikatiounsnetzer och bis op ganz ofgeleeë Plazen ze bréngen. Jidderee soll séieren Internet-Zougang kënnen hunn
    - D'elektronesch Ënnerschrëft gouf agefouert fir all administrativ Akten och zwëschent den Institutiounen

Dem Octavie leie Fuerschung an d'Uni.lu, administrativ Vereinfachung an de Wäibau um Häerz.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM OCTAVIE MODERT**

# NATHALIE MORGENTHALER

**46, BIELES, POLITOLOGIN,
1. SCHÄFFIN,**

**BEZIERK SÜDEN**



## CHAMBERAARBECHT:

- D'Nathalie war Spriecherin zur Verfassungsännerung:
  - D'Fräiheet fir all Fra op eng Ofdreiwung ass an der Verfassung verankert ginn. D'Selbstbestëmmung vun der Fra soll dauerhaft an onofhängeg dovun, aus wat fir enger Richtung de politesche Wand bléist, geschützt ginn, huet si betount. Et géing ëm eppes Fundamentales goen – de Respekt virun der Decisioun vun enger Fra an enger Noutsituatioun
- Rapportéiert huet si och verschidde Gesetzer am Aarbechtsrecht an an der Innepolitik:
  - Mam Skillsplang gëtt d'Ongläichgewiicht tëschent der disponibeler a gebrauchter Kompetenz um Aarbechtsmaart bekämpft. Et goufe méi geziilt finanziell Ureizer geschafe fir Leit ëmzeschoulen, respektiv hir Kompetenzen ze verbesseren. Besonnesch déi mat den niddregste Qualifikatioune kréie Perspektive gebueden
  - De Plan de maintien dans l'emploi kritt eng besser Begleedung duerch de Konjunkturcomité an eng besser Finanzéierung duerch de Beschäftegungsfong
  - D'Reform vum System, wéi vill d'Gemengen an de Beschäftegungsfong abezuele mussen, féiert zu méi Solidaritéit
- D'Nathalie ass och CSV-Spriecherin fir Famill, Integratioun a Gläichstellungsfroen
  - Am Kampf géint d'Aarmut gouf een Zouschoss agefouert fir Leit, déi sech d'Altersheem net kënne leeschten. De Logement, mee och essentiel Servicer wéi d'Wäsch, Telefon oder Televisioun si garantéiert

D'Nathalie wäert besonnesch op d'Ëmsetzung vun deene verschiddenen Aktiounspläng uechten, wéi Aarmut, geschlechtsbaséiert Gewalt oder Anti-Rassismus.

## KOMMISSIOUNEN:

Vize-Presidentin vun der Kommissioun fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen, Gläichstellung an Diversitéit

Member Aarbechtskommissioun

Member Interieurskommissioun

Member Petitiounskommissioun

Member Sportskommissioun


Member Institutiounskommissioun

Member Kommissioun fir Medien a Kommunikatioun

*„D'CSV steet zu enger Aarbechtsmaartpolitik, déi net nëmme reaktiv ass, mee och virbeugend wierkt."*



**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM NATHALIE MORGENTHALER**



# LAURENT MOSAR

**68, STAD LËTZEBUERG, AFFEKOT, SCHÄFFEN,**

**BEZIERK ZENTRUM**

## KOMMISSIOUNEN:

President vun der Justizkommissioun

Member Kommissioun fir Aussen- an Europapolitik, Kooperatioun, Aussenhandel a Groussregioun

Member Interieurskommissioun

Member Kommissioun fir Wirtschaft, PME , Energie, Weltraum an Tourismus

Member Finanzkommissioun



*„Nëmme wa Police a Justiz déi néideg Kompetenze kréien, ass d'Sécherheet garantéiert."*

## CHAMBERAARBECHT:

- De Laurent ass CSV-Spriecher fir d'Sécherheetspolitik an d'Justiz:
  - Hie war Rapporter vum Gesetz zur Aféierung vun der lokaler Police. D'Proximitéit tëscht Police a Bierger géif esou gestäerkt an d'Preventioun ausgebaut ginn
  - Bei schwéiere Fäll vu Kriminalitéit ass elo d'Prisongsstrof d'Reegel, an de Sursis d'Ausnam, wou de Riichter motivéiere muss, firwat hien deen accordéiert
  - De Kampf géint Geldwäsch gouf verschäerft
  - D'Iwwerwaachungsmesuren am Verdachtsfall goufen erweidert
  - Bei der sougenannter Mini-Instruktioun ginn d'Prozedure verkierzt an den Uwendungsberäich méi grouss
- Fir d'Finanzplaz weider attraktiv ze halen, mussen net nëmmen Talenter aus dem Ausland ugezu, mä d'Talenter hei am Land behale ginn, betount de Laurent
  - Déi sougenannt „carried interest", also eng speziell steierlech Reegelung fir Fongemanager, déi un der Performance vun de Fonge bedeelegt ginn, sollen dat ënnerstëtzen
  - Privatpersoune kënnen elo vun engem neie Steierkredit profitéieren, wann si wëlle jonk an innovativ Start-Up'en ënnerstëtzen
- De Laurent huet och bei etlech Debatte geschwat, wéi zum Google-Datenzenter oder zu Glécksspiller an eng Hellewull Froe gestallt iwwer d'Bankeplaz, d'Kriminalitéit oder d'Steierpolitik

Hie wäert d'Beräicher Finanzen a Wirtschaft, Justiz a Sécherheet weider enk begleeden.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM LAURENT MOSAR**

# JEAN-PAUL SCHAAF

**60, ETTELBRÉCK, ASSISTANT SOCIAL,**
**1. SCHÄFFEN,**

**BEZIERK NORDEN**



## CHAMBERAARBECHT:

- De Jean-Paul war Spriecher fir d'Gesetz iwwert de Museksunterrecht, dat ugepasst gouf.
  - Hien huet begréisst, dass d'Gemengen an Zukunft finanziell besser ënnerstëtzt, an d'Schoulorganisatioun an d'Offer vun de Coursen ugepasst ginn. Domadder gëtt de wäertvolle Museksunterrecht op méi sécher Féiss gestallt, mécht de Jean-Paul kloer. Dëst wier Bildungs-, Sozial- a Kulturpolitik an een Invest an d'Mënschen am Land
  - Hie wäert als Rapporter zum neie Bibliothéiksgesetz schwätzen
- Hien huet fir d'CSV och zum neie Reglement fir d'Petitioune geschwat. Do gouf en neie Quorum vu 5.500 Ënnerschrëften agefouert, d'Websäit méi benotzerfrëndlech gemaach an e Verfaren agefouert, fir Petitionären ze identifizéieren. D'Petitioune sinn e wichtegt Instrument am demokratesche System - mat de neie Reegele ginn d'Rechter vun de Petitionäre gestäerkt, huet hie betount
- A sëllege parlamentaresche Froe weist de Jean-Paul ëmmer erëm op kritesch Punkte virun allem am Norden hin: Stroossebau, Zuchstrecken, archeologesch Ausgruewungen, awer och Infrastrukturen am Sozial- an Educatiounsberäich si seng Sujeten

De Jean-Paul wäert säi Schwéierpunkt op d'Dossieren an der Familljepolitik leeën.



## KOMMISSIOUNEN:

Kommissioun fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

Member Kommissioun fir Educatioun, Kandheet a Jugend

Member Kommissioun fir Héichschoul, Fuerschung an Digitaliséierung

Member Petitiounskommissioun

Member Kommissioun fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen, Gläichstellung an Diversitéit

Member Kulturkommissioun

*„Kee Politiker gëtt vun de Leit all gewielt. Awer, wann ee bis gewielt ass, dann ass ee fir d'Leit all gewielt!"*

LINK OP DE CHAMBER SITE VUM JEAN-PAUL SCHAAF

01781_CSV_Brochure_Bilan_24p_v5.indd 19 13/03/2026 17:50



# CHARLES WEILER

**39, DIKRECH, JURIST, BUERGERMEESCHTER,**

**BEZIERK NORDEN**

## KOMMISSIOUNEN:

President vun der Sportskommissioun

President vun der Aarbechtskommissioun

President vun der Spezialkommissioun „Caritas“

Member Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten

Member Institutiounekommissioun

Member Justizkommissioun



*”De Sozialdialog spillt eng entscheedend Roll fir de Zesummenhalt vun der Gesellschaft an de soziale Fridden.“*

## CHAMBERAARBECHT:

- Als Spriecher vun der CSV fir de Sport an d’Aarbecht war hie Rapporter vum Gesetz zur Sonndesaarbecht am Eenzelhandel
  - No ville Gespréicher mat de Sozialpartner ass um Enn ee Kompromëss fonnt ginn. A Betriber mat manner wéi 30 Salariéeë kënnen d’Leit bis zu 8 Stonne schaffen, bei méi grousse Betriber muss dat iwwer Kollektivvertrag gereegelt ginn. De Sozialdialog bleift een absolutte „Must”, bekräftegt de Charel
  - Sport géif een Invest an eis Gesondheet duerstellen, dowéinst misst intensiv an d’Sportsveräiner an an de Benevolat investéiert ginn, fuerdert hien. Well d’Benevole sinn d’Réckgrat vun eiser Sportswelt
- De Charel huet als President vun der Spezialkommissioun zum Caritas-Skandal d’Aarbechten an d’Unhéierunge geleet, fir datt am Ofschlossrapport déi néideg Conclusioune konnte gezu ginn
- Wichteg ass, dass déi national Aktivitéite weider gelaf sinn an déi Honnerten Aarbechtsplazen an der neier Struktur HUT erhale bloufen.
- Hien huet och zu verschiddene Justizdossiere geschwat:
  - D’Adoptiounsrecht gouf reforméiert – och net bestuete Koppelen an Eenzelpersoune kënnen elo e Kand adoptéieren.
  - D’Justiz kritt méi performant Instrumenter, fir geziilt a méi efficace géint schwéier Kriminalitéit virzegoen

De Charel freet sech op weider grouss Dossieren an de Beräicher Aarbecht a Justiz.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM CHARLES WEILER**

01781_CSV_Brochure_Bilan_24p_v5.indd 20
13/03/2026 17:50

# STÉPHANIE WEYDERT

**41, MOMPECH, AFFEKOTIN, BUERGERMEESCHTESCH,**

**BEZIERK OSTEN**



## CHAMBERAARBECHT:

- D'Stéphanie war Rapportrice fir eng Rei Gesetzer aus dem Inneministère an am Konsumenteschutz:
  - Mat der Reform vum Gesetz iwwer déi kommunal Raumplanung an d'urbanistesch Entwécklung mussen an neie Wunnquartiere méi abordabel Wunnenge geschafe ginn, déi dann an d'ëffentlech Hand ginn
  - 400 Agente bei der Police kruten hire Premièresdiplom réckwierkend op August 2018 unerkannt a goufen an de Grupp B1 reklasséiert
  - D'Reform vun der Videosurveillance zu polizeilechen Zwecker (VISUPOL) mécht den Asaz vu Kameraen am ëffentleche Raum méi einfach, méi séier a méi effikass
  - Mam Gesetz iwwert d'Sammelklo kréien d'Konsumenten endlech d'Méiglechkeet, sech gemeinsam géint Firmen ze wieren
  - D'Liewensmëttelkontrolle vun der ALVA kruten en neie juristesche Kader
- Och am Beräich Wirtschaft an Aarbecht huet d'Stéphanie zu Gesetzer geschwat:
  - D'Ëffnungszäiten am Commerce an am Liewensmëttelhandwierk goufen erweidert
  - D'Bäihëllefe fir Betriber, fir an de Klima- an Ëmweltschutz kënnen ze investéiere goufen ausgebaut
  - Bei der ADEM gi méi Prozeduren digitaliséiert an doduerch méi séier a sécher – och de Chômage kann elo online ugefrot ginn
  - D'Aarbechtsrecht gouf op e puer Punkten ofgeännert, fir dass Beschäftegungsmesure fir jonk Leit méi attraktiv ginn
- An der Justiz huet d'Stéphanie zu diverse Gesetzer am Handels- a Gesellschaftsrecht esou wéi der Reform vum Prisongswiese geschwat

D'Stéphanie wäert ënnert anerem Rapportrice vun der Ëmsetzung vum Asylpak ginn.

## KOMMISSIOUNEN:

Presidentin vun der Interieurskommissioun

Vize-Presidentin vun der Kommissioun fir Exekutioun vum Budget

Member Kommissioun fir Wirtschaft, PME, Energie, Weltraum an Tourismus

Member Kommissioun fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

Member Aarbechtskommissioun

Member Justizkommissioun

> ***„Mir mussen dat richtegt Gläichgewiicht tëscht wirtschaftleche Besoinen a sozialem Schutz fannen."***




**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM STÉPHANIE WEYDERT**



# MICHEL WOLTER

**63, KÄERJENG, EKONOMIST, BUERGERMEESCHTER,**

**BEZIERK SÜDEN**

## KOMMISSIOUNEN:

Member Finanzkommissioun

Member Institutiounekommissioun

Member Kommissioun fir Medien a Kommunikatioun




> ***Jidderee gewënnt, kee verléiert - d'Aféierung vun enger eenheetlecher Steierklass ass eng ganz famillje-frëndlech Reform.***

## CHAMBERAARBECHT:

- De Michel war Rapporter vu verschidde Gesetzer am Steierrecht, virun allem vun Duebelbesteierungsofkommes mat ville Länner. Awer och d'Gesetzesännerunge, mat deenen d'Pensiounsreform ergänzt gëtt, huet hien an der Chamber virgestallt:
  - Vun 2026 u gëtt et een Abattement vu 750 Euro pro Mount (maximal 9.000 Euro pro Joer) fir Salariéeën, déi fräiwëlleg, trotz Urecht op Pensioun, nach weider schaffe ginn. D'Zil ass, Ureizer ze ginn, méi laang am Beruffsliewen ze bleiwen,fir dass de reelle Pensiounsantrëttsalter méi no bei de gesetzleche vu 65 Joer geréckelt gëtt
  - De Plafond fir eng privat Zousazpensiounsversécherung steierlech als Spezialdepensen ofsetzen ze kënnen, ass vun 3.200 op 4.500 Euro pro Joer gehuewe ginn
- Als éischt Land an Europa huet Lëtzebuerg e sougenannten Defence Bond erausginn – e Gesetz, wat de Michel rapportéiert huet an der Chamber:
  - D'Depensë fir d'Verdeedegung sollen zum Deel duerch dëse Staatsemprunt an Héicht vun 150 Milliounen Euro finanzéiert ginn. D'Bierger kënnen an dës Obligatiounen investéieren an d'Zënse si steierfräi
- De Michel war och dreiwend Kraaft, fir eng kloer Positioun ze bezéien, fir eise solidaresche Gesondheetssystem ze erhalen an ze stäerken. E System mat verschidde Leeschtungsklasse wäert et zu Lëtzebuerg net ginn: Neen zur Zwee-Klasse-Medezin

Dem Michel seng Schwéierpunkte wäerten op der Steierpolitik leien.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM MICHEL WOLTER**

## CLAUDE WISELER

**66, STAD LËTZEBUERG,**
**DOCTEUR ÈS LETTRES,**

**BEZIERK ZENTRUM**



### CHAMBERPRESIDENT:

President vun der Presidentekonferenz
President vum Chamberbureau

### CHAMBERAARBECHT:

- De Claude muss als Chamberpresident an éischte Bierger am Land eng neutral Haltung anhuelen. Hie stëmmt als Member vun der CSV-Fraktioun d'Gesetzer mat, bezitt selwer awer keng Positiounen am Plenum. Och am Ausland representéiert hien all Deputéierte vun all Faarf
- D'Chamber gesäit hien als eng Institutioun, déi sech permanent dem Wandel upasse muss. Méi séier a ganz transparent Decisiounen huelen, méi dynamesch an och interessant Debatten - dat verlaangen d'Bierger haut. Et gëtt eng Zäit fir ze diskutéieren an et gëtt eng Zäit fir ze decidéieren, betount de Claude, an dee ganze Prozess, muss an aller Transparenz geschéien. Dowéinst huet de Claude scho verschidde Reformen an d'Weeër geleet:
  - D'Riedenzäite goufe gekierzt
  - Bal all Kommissiounssëtzung gëtt entretemps no baussen iwwerdroen
  - D'Transparenzregëster krut méi kloer Reegelen, fir ze gesinn, wien Afloss op d'Deputéiert wëll huelen
  - Vun 2026 u ginn d'Fraktiounsfinanze vun der Cour des comptes kontrolléiert
  - D'wëssenschaftlech Cellule gouf verstäerkt, fir d'Aarbecht vun den Deputéierte mat Recherchen ze ënnerstëtzen
  - Am Gilly-Haus entsteet e Visitors' Center

An der Diskussioun bleiwen nach nei Forme vun der Biergerbedeelegung, de Statut vum Deputéierten, gekoppelt mat der Diskussioun iwwert e Cumul vun de Mandater an eng Rei Aarbechten um Walgesetz, fir et un d'Realitéit vun haut unzepassen.

***„D'Stäerkt vun enger Demokratie läit an der Gedold, fir nozelauschteren, ze diskutéieren an dono Decisiounen ze huelen, déi fir d'Gesellschaft an net nëmme fir e puer Leit positiv sinn."***




**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM CLAUDE WISELER**

# CSV
# AM DIALOG:

*Mir invitéieren Iech an d'Chamber a bei eis an d'Fraktioun.*

*Mir maachen Iech, Ärer Sektioun, Ärem Veräin d'Diere vum Haus vun der Demokratie op.*

*Entdeckt net nëmmen d'Gebai an d'Geschicht vun der Chamber, mee loosst Iech och de Fonctionnement erklären a stellt all déi Froen, déi der schonn ëmmer stelle wollt.*

**DIR WËLLT MAT DEPUTÉIERTEN IWWER D'AKTUALITÉIT DISKUTÉIEREN?**
**MIR SI FIR IECH DO.**

**KONTAKTÉIERT EIS FIR ENG VISITT A KOMMT EIS BESICHEN:**

CSV-Fraktioun
13, rue du Rost
L-2447 Luxembourg
Tel. : +352 47 10 55 1
Email : csv@chd.lu
www.csv.lu

KUCKT OCH CSV FRAKTIOUN OP SOCIAL MEDIA




01781_CSV_Brochure_Bilan_24p_v5.indd 24 13/03/2026 17:50